N°3219
Entrée le 20.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.11.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro n°2189 huet d'Madame Ministesch uginn, datt Patienten eng liicht Narkose kréie kënne fir eng IRM-Ënnersichung duerchzeféieren.

Awer och ënner enger liichter Narkos erliewe vill klaustrophobesch Patiente weiderhin eng intensiv Angscht. Den engen Tunnel vun der IRM, déi absolut Onbeweeglechkeet déi wärend der Ënnersichung erfuerdert ass, a munchmol och d'Tatsaach datt ee fixéiert oder am Apparat festgehale gëtt, maachen all Beweegung onméiglech a provozéieren, bei verschiddene Patienten, schwéier Panikattacken. Fir dës Patienten ass eng liicht Narkose keng genuch Léisung a kann dozou féieren, datt d'Ënnersichung ofgebrach gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass et zu Lëtzebuerg méiglech, eng Vollnarkos (Allgemeng Anästhesie) fir klaustrophobesch Patienten ze kréien, déi et net aushale kënnen, 20 Minutten an engem IRM-Tunnel ze bleiwen?
    - Wann jo, wéi eng Formalitéite mussen erfëllt ginn?
    - Wann nee, firwat net?
2. Eng oppen IRM am Ausland ka bis zu 1.000 € pro Ënnersichung kaschten, an de Patient ass gezwongen, dëse Montant aus eegener Täsch ze bezuelen, mat Ausnam vun den 150€, déi no der Nomenclature rembourséiert ginn. Sou muss e krank Patient, dee bei der CNS veréchert ass, dës Käschte selwer droen, wann eng IRM ënner Vollnarkos hei zu Lëtzebuerg net méiglech ass.

    Wéi vill Leit hunn an de leschte fënnef Joer missen an d'Ausland goe fir eng IRM (notamment eng

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

oppen IRM) ze maachen, déi zu Lëtzebuerg net disponibel war?

3. Wéi vill IRM-Ënnersichungen hunn zu Lëtzebuerg an de leschte fënnef Joer missen ofgebrach ginn, well de Patient net méi a der Lag war, d'Ënnersichung wéinst Angscht oder Panik weiderzemaachen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés